Ried vum Edy Graf bei der Aweihung vun der Plaz vun den Zwangsrekrutéierten zu Bieckerich

19. Juni 2011

Här député-maire, dir Hären députéierten

……(Präsidenten vun den eenzelnen Federatiounen)

Leif Inviteen

Dir Damen, Dir Hären

Am Numm vun der Amicale des Enrôlés de Force, Sektioun Beckerich-Ell-Réiden, sin ech frou a stoltz iech haut hei kennen ze begreissen, bei engem Evènement wat secherlich an d'Geschicht vun der Bieckericher Gemeng ageet – d'Aweiung vun enger Plaz vun de 'Enrôlés de Force' , fir un dei aus der Gemeng ze erenneren dei am zweete Weltkrich zwangsrekrutéiert goufen.

Ech sin de Jong vun engem Zwangsrekruteierten, dien dat Schlemmst matgemeet huet, nom RAD an d'Weermacht, Krichsgericht - dun un d'Front an duerno a russisch Gefangenschaft op Tambow, wou hie bis an de November 1945 d'Hell materliewt huet, är en erem heem a säi beleiwt Letzebuerg konnt kommen.

Ech stin hei zesummen mat iech fir enger ganzer Generatioun Letzebuerger ze gedenken, dei esou wei mäi Papp keng Jugend haten, me eist letzebuerger Land géint de friemen Nazijoch verteidigt hun a vun de Präisen an eng gehassten Uniform gestach gi sin.

Mäi Papp huet mer nie ganz vill iwer dat erzielt wat en huet missen erliewen, me e soot emmer, hie géif bieden, dasse mir , eis Kanner a Kannskanner, ni esou eppes missten materliewen.

“Dat wat ech zu Tambow hu missen matmachen, dat kascht mech op manst 10 Joer vu mengem Liewen” esou emmer seng Wieder …

Hien hat d’Chance vun Tambow eremzekommen, en néit Liewen unzefänken an dei ganz déif Wonnen probéieren ze heelen – …

- awer si sin nie geheelt. Ech hu mäi Papp nie gesinn eng Trein faale loosen, hien hat keng méi , well hien hat si all als Bouf vun 21 Joer a Polen an a Russland gekrasch …

Wat ass dach d’Verlangeren een deiwen, deiwe Schmierz …ech mengen si hätten alleguer kennen Auteur vun desem schéinen letzebuerger Lidd sin …

Mäi Papp ass mat 69 Joer gestuerwen – op mannst 10 Joer ze frei , esou wei hien mer emmer soot …

Fir dass dat, wat si hu mussen erleiden, nie geif vergiess gin, hate si sech zesummegedoen an deser Amicale des Enrôlés de Force 1940-45, Victimes du Nazisme – sectioun Beckerich-Ell-Réiden», enger asbl dei de 25 Abrëll 1966 enner der Nummer 127 zu Réiden enregistréiert gouf.

Dess Amicale huet iwer Joeren, mat ehemoligen Zwangsrekrutéierten aus den 3 Gemengen, am Sënn vun der Erënnerung geschafft a sech agesaat widder d’Vergiessen.

Leider sin am Laaf vun der Zäit vill vun hinnen krank gin oder verstuerwen, esou dass d’Aktivitéiten vun der Amicale sech nach just op een Minimum begrenzt hun.

An enger Generalversammlung, dei den 8. Abrëll 2009, hei zu Bieckerich op der Millen stattfond huet , sin d’Statuten vun der Amicale ugepasst gin, esou dassen och mir

d’Méiglichkeet kruten dem comité vun der Amicale beizetrieden

Fir dat virunzeféieren wat e si ugefang haten, si mir zu 6 néien Memberen dem comité beigetrueden, dorënner 4 aus der Nofolger-generatioun !

Ech wees mäi Papp wär haut stolz op mech, a meng Kollegen, an op iech alleguerten ….

478 Jongen a Meedercher vun de Joergäng 1920-1927 si whärend dem 2ten Weltkrich an eisen 3 Gemengen vun de Nazien erfaast gin, an e groussen Deel gouf agezun.

39 vun hinnen hun dëst mat hirem Liewen bezuele mussen, a leien haut a friemer Äerd begruewen.

De Projet ‘Plaz vun den Zwangsrekrutéierten’ gouf direkt an enger vun eisen éischten Comitéssitzungen oofgehakt an den 3 Gemengen präsentéiert.

E puer Deeg duerno hun se allen 3 zu eiser Freed positive op eis Initiativ geäntwert, an esou konnte mer dann ufänken mat de respektiven Gemengeverantwortlichen un d’Detailer vum Projet erunzegoen.

Den 10. Oktober 2010 (einfach ze verhalen 10/10/10) wor et dun esou weit, mir konnten zesummen mat der Eller Gemeng dei eischt Plaz aweihen, dei schon haut aus dem Duerfbild nit mei ewechzedenken wär.

Haut si mer dann elo hei zu Bieckerich zesummen, an der Gemeng wou am Abrëll 2009 d’Statutenännerung virgeholl

gouf, fir hir Plaz vun den “Enrôlés de Force” senger Bestemmung ze iwergin.

Bei eisen eischte Versammlungen huet den Organisatiounscomité ronderem de Camille Gira scho festgehalen eng ganz Woch vun der Erënnerung ze organiséieren, wat dann och am klengsten Detail vun hinnen ausgeschafft gouf.

No der Ouverture mat engem Vernissage vu schéinen Ausstellungen an engem Referat vum Historiker Steve Kayser dese Freiden, dem Nationalkongress gescht de mëtten, an der Firféierung vum Film EMIL gescht den Owend, ass dann elo haut de groussen Dag komm vun der Aweihung vun deser Plaz mat hirem Monument, wat un dei aus der Gemeng erennert dei enner dem Nazijoch gelidden hun.

D’Monument wat e mer elo geschwenn enthüllen, gouf konzipéiert vum Frënd an Artist dem Marcel Bombardella vun Téiteng, dien seng Arbicht bénévol gemach huet, an esou op seng Gage als Artist verzicht huet !

Wei ech hien am Optrag vum Här Buergermeeschter op de Projet ugesprach hun, huet hie keng Sekonn gezeckt, a wor direkt hell begeeschtert.

Seng Motivatioun wor duebel , eemol fir als Artist säin Talent an de Kader vun der Erënnerung kennen ze setzen an zweetens senger Mamm ze gedenken dei selwer zwangsrekrutéiert gouf.

D’Monument a sech :

Eng Konstruktioun aus Stool, Material dat dem Letzebuerger Land e groussen Deel vu sengem Reichtum gin huet …

Dei 8 ronn Scheiwen an der Base vum Monument representéieren dei 8 Joer vu 1920-1927, déi vun de Preisen gemustert goufen,

An der Mëtt vun desen 8 Scheiwen e Spot dien , d'eiwig Liicht duerstellt an och d'Monument all Nuecht belichte wärd.

Dei 8 héich eisen Stief mat hiren Inoxkäpp stelle Léit duer, dei vu verschiddene Plaatzen hirkoum sin, fir sech dann op enger zentraler Platz weit ewech vun doheem ze begeinen ( dat ass de Rank uewen am Monument wou dei 8 Stangen zesumme kommen) an duerno schleit erem jiddfereen säin eegenen Wee an …

Op den Tafelen hanner dem Monument fann dir d'Nimm vun diene Léit aus der Gemeng Bieckerich déi zwangsrekrutéiert goufen – a wann dir d'Zuel vun den Tafelen kuckt, kann dir iech e Bild machen dovun wat de Crime vun der Zwangsrekrutéierung fir d'Gemeng Bieckerich bedéit huet.

MERCI MARCEL, du bass e Mann aus Stol an däi Numm ass och elo op enger stolener Tafel agravéiert a verbennt dech mat der Gemeng Bieckerich

Merci fir dëst schéint Konschtwierk, virun diem sech an Zukunft all eis Nofolgergenerationen zum Gendenken wärte verneippen !

Dir Damen , dir Hären

Mir schreiwen haut hei alleguerten zesummen dest néit Kapitel vun der Bieckericher Geschicht, an am Numm vun der Amicale des Enrôlés de Force, well ech der Bieckericher Gemeng mat un hirer Spetzt den députe-maire Camille Gira e ganz ganz gousse Merci ausschwetzen, fir dat wat e si haut hei an der Gemeng am Senn vun der Erënnerung machen.

.

Camille - dat heiten ass e memorabelen Dag fir d'Gemeng Bieckerich, an ouni deng positive Astellung esou wei däin onermiddlechen Asaatz am Kader vun desem Projet wär dat heiten secherlich nit méiglich gewiescht.

E ganz ganz grousse Merci gëllt secherlich och dem Organisatiounscomité vun deser Woch vun der Erënnerung – si hun alleguerte virbildlich geschafft fir dest ze erméiglichen, et wor fir eis eng richtig Freed fir mat iech zesummen ze schaffen.

Ech schléissen mech alle Merci'en vum Camille Gira un, a well e bei de Merci'en emmer dien een oder anere vergëσst , Merci all dienen déi e mer vergiess hun –

Merci iech alleguerten dei der iech op déi eng oder aner Manéier um Gelengen vun dese schéinen Féierlichkeeten bedeeligt hut.

Merci der ganzer Gemeng Bieckerich

Merci iech alleguerten !

Edy Graf